



Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/11/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

D'Chargés de Cours aus dem Fondamental müssen um Ufank vun hirer Karriär, esouwéi och d'Quereinsteiger, Weiterbildungscoursen absolvéieren. Dës Weiterbildunge beusprochë vill Engagement an Zäit, well nieft der Präsenz an de Coursen och nach schrëftlech Aarbechte musse preparéiert ginn.

Während d'Formatioun fir d'Quereinsteiger 1 Joer dauert, müssen d'Chargéeën dogéint 2 Joer an d'Coursen, obwuel sech d'Aarbecht vu béide Beruffsgruppen um Terrain net inkremental vuneneen ënnerscheet. D'Qualifikatiounen, déi d'Chargéeë während 2 Joer erschaffe müssen, hunn nom Point de Vue vun der Karriär och kee wierkleche Méiwäert par Rapport zum deene vun de Quereinsteiger, well d'Chargéeën, trotz der gläicher Aarbecht an oft méi Beruffserfahrung, eng méi niddreg Remuneratioun fir hier Aarbecht kréien, laang op ee CDI waarde müssen an net an de Genoss vum Fonctionnairesstatut kommen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi ass et ze rechtfäerdeg, dass och d'Chargés de Cours déi schonn Erfahrung an hirem Beruff hunn, eng änlech Weiterbildung musse maachen, wéi d'Leit, déi als Quereinsteiger ufänken?  
well d'weiterbildung am ufank vun der chargés carrière mëscht dach sënn nee?
2. Wéi eng Plus-Value hunn d'Chargéeë mat Ausbléck op hier weider Karriär am Enseignement, wann si dës Weiterbildung erfollegräich ofschléissen?
3. Wéi mer des Weideren zougedroe gouf, variéiert d'Formatioun vu Schoul zu Schoul am Contenu souwéi an der Prozedur, jee nodeems, wéi eng weider Ufuerderungen d'Schouldirektioun un d'Chargéeë stellen. Kann de Minister confirméieren, respektiv ausschléissen, dass d'Contenuen an d'Prozedure vun der Formatioun fir d'Chargéeë vu Schoul zu Schoul verschidde sinn? Falls jo, a wéi engem Mooss ass dëst toleréiert?

Mat déiwem Respekt,



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



GOERGEN Marc

Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)